



**53. UERDENTLECH GENERALVERSAMMLUNG
METTWOCH DEN 23.01.2013
EM 19.30 AUER
AM MUSEKSSALL ZU GAASPERECH**



**AM LAAF VUM JOER KONNTEN MIR OP D'HELLEF
VUN FOLGENDEN GESCHÄFTSLEIT ZERECKGREIFEN.**

Fachkompetenz
seit 1935



Behalten Sie den
Durchblick

Kunststoff-Fenster
Holz-Fenster
Häuslüren
Rolläden
Klapppläden
Wintergärten

Vordächer
Schreineren
Innenanbau
Innenlüren
Treppen

JOLEKA
FENSTER - TÜREN - TREPPEN

Valentiny-Theisen
2, rue d'Allamont (cote d'Albanne / rue de Gasperich)
L-1120 Luxembourg-Gasperich
Tel: 49 34 34 / 49 34 36 • Fax 48 21 92



City Concorde • Garden Plaza • Niveau -1
80 route de Longwy • L-8060 Bertrange • Luxembourg
Tel: +352 26 44 49-1 • www.jack-wolfskin.com

DRAUSSEN ZU HAUSE BEREIDUNG | SCHIENE | AUSRÜSTUNG

Jack Wolfskin
-STORE-

Light & Sound
mögeba
Event Technologies



18, rue des Peupliers
L-4985 Sanem
tél. 26 50 22 11
gsm 621 23 53 65
fax 59 51 51
michelmo@pt.lu

mögeba
EVENT ENGINEERING



Sound
Lighting
Video
Stage
Duo live
Electrical Distribution

**GENERALVERSAMMLUNG
MËTTWOCH 23.01.2013 EM 19.30 AUER
AM MUSEKSALL ZU GAASPERCH**

ORDRE DU JOUR:

- 1 Usprooch vun der Presidentin
- 2 Bericht iwwert Generalversammlung vum 25.01.2012
- 3 Aktivitéitsbericht vum Sekretär
- 4 Bericht iwwert Museksschoul
- 5 Finanzbericht vum Keessier vun der Musek
- 6 Bericht vun den Keesserevisoren
- 7 Dechargen un de Verwaltungsrot
- 8 Wahlen fir d'Posten am Verwaltungsrot
- 9 Wahlen vun den Keesserevisoren
- 10 Cotisatiounen fir d'Joer 2014
- 11 Presentatioun vum Programm fir d'Joer 2013
- 12 Presentation vum Budget fir d'Joer 2013
- 13 Fräi Aussprooch

GENERALVERSAMMLUNG VUM 25.01.2012

Présencen VR:

Marianne DEGREGORI, Susy ROHLA-WEIS, Claude GLESENER, Christian BLOCK, Martina HAAK, Martine KLEIN, Marc MOLLING, Yvette LAHME, Geirgette KOLTEN-WELSCHBILLIG.

Absencen VR:

Josiane HEINISCH, Roby BARNICH.

Ufank vun der Versammlung: 19.40 Auer.

Enn vun der Versammlung: 21.30 Auer.

Presencen: 32 Memberen.

Presse : Journal & Luxemburger Wort.

ORDRE DU JOUR

1. Usprooch vun der Presidentin



D'Presidentin, Marianne Degregori, freet d'Versammlung op den Ordre du Jour esou ugeholl gëtt wéi en am Heft vun der GV steet. D'Versammlung hält den Ordre du Jour eestëmmeg un.

D'Presidentin begréisst d'Memberen, d'Madame Conseiller Martine Mergen, Verrieder vun de Gaasperecher Veräiner an der Ëmgéigend, d'Keesserevisoren d'Häre Roby Heinisch, Joachim Block a Lé Klein an eise Chef, Christian Block an d'Museker an d'Memberen aus dem Organisationscomité vun eisem 50. Anniversaire. Zulescht begréisst si nach d'Verieder vun der Press (Journal a Luxemburger Wort).

Duerno mécht Presidentin ee Réckbléck op d'Aarbecht vum aktuelle Komitee säit der leschter Generalversammlung vum 23. März 2011. Si seet der Stad Lëtzebuerg Merci dass mir gratis kënnen hei am Musekssall sinn, dass mir de Gala Concert konnten an der Sportshal spillen. Merci och de Mataarbechter aus der Sportshal fir hier Hëllef während dem Gala Concert. Och ee grouse Merci un d'Gemeng fir dee generéise Subsid an ee besonnesche Merci fir déi nei Still am Musekssall.

Si seet eise Sponsoren an Donateurs een härezeche Merci vir déi finanziell a materiell Hëllef am vergaangene Joer, speziell der Firma Joleka fir déi finanziell Ënnerstëtzung, der Firma Mogeba fir gratis Gellicht a Sonorisatioun beim Gala Concert,

der Firma Frelander fir d'Camionnette déi eis erméiglecht huet eist Material an Instrumenter op déi verschidde Concerten ze féieren.

Fir de musikaleschen Deel, seet Presidentin de Museker mat hirem Dirigent dem Christian Block ee grouse Merci. Si hunn wéi ëmmer dofir gesuergt, dass mir ee schéint musikalescht Joer haten, a flott Stonnen zesumme verbruecht hunn.

En härezeche Merci och der gudder Equipe aus dem Comité déi d'ganz Joer matgeschafft huet bei eise verschiddeenen Organisatiounen a Manifestatiounen, fir eis Keess obzebesseren.

Si vergësst awer och net deene Museker a Frënn Merci ze soen, déi bei verschiddeenen Manifestatiounen eng Hand mat ugepaakt hunn.

Ee spezielle Merci geet un de Jean-Pierre Lahmé an de Renzo Madabeni fir hir Hëllef während dem ganze Joer.

Während enger Gedenkminutt denkt d'Generalversammlung un déi Verstuerwen an besonnesch un de Jean-Claude Rohla, deen den 20. September vun eis gaangen ass.

D'Presidentin erënnert drun dass mir am Juli 2011 een neie Bass kaf hunn. Si erënnert drun dass de Finazement vun dësem Instrument deelweis aus der Keess vum 50. Anniversaire kënnt an dass mir nach op ee Subside vun der Gemeng waarde wéi dat mol versprach gi war.

Bei dëser Geleeënheet informéiert d'Presidentin och GV dass mir vum Susy Rohla een Don krute vun 1.700 €, deen zesumme koum wéi d'Susy a Pensioun gaang ass, wou hat op ee Kaddo verzicht huet a wou seng Aarbechtskollegen een Don un d'Musek sollte maachen. D'Susy kritt Merci gesot an ee Bouquet iwwerrecht.

Duerno kritt de Sekretär d'Wuert fir de Rapport vun der uerdentlecher Generalversammlung vum 23. März 2011 an dem Aktivitéitsbericht vum Joer 2011.

2. Bericht vun der Generalversammlung vum 23.03.2011.

De Secrétaire Claude Glesener mécht de Rapport vun der uerdentlecher Generalversammlung vum 23.03.2011. D'Membere kënnen dëse Rapport an enger illustréierter Brochure noliesen.

3. Aktivitéitsberich vum Sekretär

De Secrétaire mécht den Aktivitéitsbericht. Am Joer 2011 hat eis Harmonie 18 Sortien, dovun 1 Gala Concert, 9 normal Concerten a 8 aner Manifestatiounen. Während dem Joer hunn 38 Prouwen an 1 Proufnomëtteger stattfonnt an de Komitee hat 10 Sëtzungen.

Eng Delegatioun vun eiser Musek huet regelméisseg un de Sëtzunge vun der Union des Sociétés de Musique vun der Stad Lëtzebuerg deelgeholl, déi awer vun 2011 net méi all Mount stattfonnt hunn, et waren der am ganzen 9 Sëtzungen. Mir waren och duerch eng Delegatioun bei verschiddene Versammlungen zu Gaasperech an 3 Mol am Conservatoire (Musekschoul) vertraueden.

Och dëst Joer huet de Verwaltungsrot un déi Museker geduecht déi am beschten un de Prouwen an de Sortien deelgeholl hunn. De Sekretär huet eng Lëscht vun de Präsenze gefouert an déi 5 Memberen déi di meeschte Präsenzen hate goufe belount, et waren dat:

1. Lé KLEIN	92,00 %
2. Martine KLEIN	88,00 %
Monique KLEIN	88,00 %
Patrick DIAS	88,00 %
Daniel WAHL	88,00 %

De Sekretär informéiert d'GV dass am September 3 nei Museker an eis Musek komm sinn, d'Christine Jackson, d'Maya Muscat an den Sam Mills.

Dem Christian Block, deen niewent senger Tätigkeet als Dirigent och nach vill aner Aarbechte gemaach huet, wéi z.B. Entwerfe vun den Affichen fir den Anniversaire, Brochuren an d'Buch fir den Anniversaire, Internet Site, Preparatioun fir d'Mappen a.s.w., iwwerrecht d'Presidentin nach eng Enveloppe als Unerkennung fir dës Aarbechten.

Duerno gëtt de Sekretär d'Wuert erëm zeréck un d'Presidentin déi de Bericht vun der Musekschoul mécht.

4. Bericht iwwert Musekschoul

Déi Verantwortlech vun der Musekschoul, Marianne Degregori et Josiane Heinisch hunn ee Bericht iwwert Musekschoul gemaach. Dës Coursé sinn jo vum Conservatoire organiséiert. Marianne Degregori presentéiert de Bericht.

Op de Lëschten, déi mir vum Conservatoire kritt hunn, fir d'Saison 2011/2012, sinn 10 Schüler am ganzen aus dem Gaasperecher Quartier am Solfège sou wéi och schonn deelweis an den Instrumentecoursen agedroen. Dovunner:

Am **Solfège Preparatoire**, dat sinn nei Aschreiwungen am Alter vu 7 Joer, do sinn et zwee (2) Schüler, dës Kuren ginn Dëschdes zu Hollerech gehalen zesumme mat de Schüler aus dem Quartier Hollerech a Märel-Belair. Well awer fir dës 2 Schüler den Horaire vu deene Coursen net passt, ginn si an de Conservatoire.

Am **1. Joer Solfège avancé**, sinn et fënnef (5) Schüler. Dovunner sinn der 4 hei zu Gaasperech Méindes am Kur an 1 Schüler geet an de Conservatoire.

Am **2. Joer Solfège** hu mer zwou (2) Schülerinnen déi an am Conservatoire sinn, déi awer och schonn an den Instrumentecoursen sinn, an zwar um Saxophone an op der Flûte traversière.

Am **3. Joer Solfège** ass eng (1) Schülerin hei aus dem Quartier, mais d'Instrument passt net fir an en Harmonies-Ensemble, well déi Schülerin Gei spilt.

Eng (1) Schülerin aus dem **4. Joer** kéinte mer gutt an eise Ensemble gebrauchen, mais déi spilt am Ensemble vum Jans Carlo am Conservatoire, op der Flûte traversière

4 Schüler sinn an den Instrumentecoursen

Dovunner:

- 1 Schülerin am 2te Joer op der Flûte traversière
- 1 Schülerin am 2te Joer um Saxophone
- 1 Schüler am 2te Joer op der Klarinette
- 1 Schülerin am 4te Joer op der Flûte traversière

Fir d'Saison 2011-2012 hu mer keen Instrument un Schüler verlount.

Mir haten 2011 op d'Initiative vum Maurizio Spiridigliozi, Chargé de Cours aus dem Cours Preparatoire, e Mëtteg organiséiert fir d'Instrumenter virzustellen. Verschidde Museker waren op der Platz mat hiren Instrumenter, z.B. mam Saxophone, der Klarinette, d'Percussioun stoung jo am Sall. Et war wierklech flott, d'Elteren haten Taart a Kuch matbruecht. Mir hunn eis all dru ginn fir de Kanner d'Instrumenter virzustellen, mais dat war awer net vill ginn. Deen ee spilt gäre Gittare oder Piano asw. Deen een oder aneren huet sech nawell een Instrument ugekuckt mais dat war et awer och schonn.

D'Marianne an d'Josiane sinn och Delegéiert vun der Union des Sociétés de Musique vun der Stad Lëtzebuerg wou mir ee Mol am Mount eng Reunioun hunn a wou och de Coordinateur vun de Musekschoulen aus de Stater Quartieren vum Conservatoire de Cosimo Colacci präsent ass fir d'Zesummenaarbecht mat de Quartiers-museken ze koordinéieren.

Et waren zwou Reuniounen am Conservatoire eng am Oktober d'lescht Joer an eng dëst Joer am Januar, wou dee neien Direkter, de Marc Meyers sech wierklech d'Problemer vun der Quartiersmuseken erkläre gelooss huet. A sougenannte "Workshopen" gëtt elo zesumme versicht wéi een de Kanner d'Musek schmackhaft ka maachen, a virun allem, dass si an de Musekenensemble aus hirem Quartier kommen.

All Schüler deen am Conservatoire ageschriwwen ass, gëtt och fir dee jeeweilige Quartier als Repère gefouert, fir déi Schüler déi schonn een Instrument spillen och an d'Quartiersmusek ze kréien, wou e wunnt an net, wéi mer jo wëssen, an enger anerer Quartiersmusek am Ensemble ass.

Verschiede Memberen aus eisem Verwaltungsrat, hunn sech och scho Gedanke gemaacht a wäerte versichen, dass déi Schüler déi en Instrument spillen, wéinstens emol fir den Hämmelsmarsch mat spille sollen. Dat wär jo schonn emol eng gutt Saach.

Mir loossen eis dann emol, wéi all Joer, iwwerraschen a mir ginn awer d'Hoffnung nach ëmmer net op fir an nächster Zukunft mol een oder deen anere Schüler aus eisem Quartier bei eis am Ensembl opzehuelen.

5. Finanzbericht vum Keessier vum 50. Anniversaire

De Keessier vum Organisationscomité vum 50. Anniversaire, de Jochen Block, presentéiert den Ofschlossbericht vun dëser Keess. Hien informéiert d'GV dass ee Betrag vun 5.145,88 € op den Kont vun der Musek iwwerwise ginn ass an dass de Kont vum Anniversaire zou gemaach gouf.

6. Finanzbericht vum Keessier

De Keessier vum Veräin, de Patrick Dias presentéiert de Bericht vun eise Finanzen. Hien erklärt der Versammlung dass mir d'Joer mat engem Benefice vu 4.248,03 € ofgeschloss hunn. Am Budget war jo een Defizit vun 1.595 € virgesinn. Trotz dem Kaf vun engem neie Bass hunn mir awer ee Benefice gemaach, dat duerch déi schéi Recette vun de Feierlechkeete vum Anniversaire. D'Kapital vun eiser Harmonie ass op den 31. Dezember 2011 bei 24.795,81 €.

7. Bericht vun de Keeserevisoren

Den Här Lé Klein ergräift Wuert an entschëllegt de Roby Heinisch, deen haut net ka present sinn, awer d'Keese mat kontrolléiert huet. De Lé informéiert GV dass hien an de Roby Heinisch d'Keess vum 50. Anniversaire den 22. Dezember kontrolléiert hunn an dass d'Keess gutt gefouert ginn ass an all Ënnerlagen zur Verfügung stoungen. Hien proposéiert der GV dem Keessier Jochen Block Decharge ze ginn, wat dann och geschitt.

Duerno ergräift deen anere Keesserevisor, de Jochen Block, d'Wuert an informéiert GV dass hien, de Lé Klein an de Roby Heinisch d'Keess vum Veräin den 23. Januar kontrolléiert hunn an dass d'Keess gutt gefouert ginn ass an all Ënnerlagen zur Verfügung stoungen. Hien proposéiert der GV dem Keessier Patrick Dias Decharge ze ginn, wat dann och geschitt.

8. Dechargen un de Verwaltungsrot

D'Generalversammlung gëtt dem Sekretär Decharge fir seng Berichter an der Presidentin fir de Bericht vun der Musekschoul. Duerno kréien d'Keessieren an de Verwaltungsrot Decharge.

D'Presidentin geet iwwer op deen nächste Punkt vum Ordre du Jour an dat sinn d'Wahlen am Komitee. Dofir gëtt si d'Wuert un de Sekretär deen déi néideg Erklärungen dozou gëtt.

9. Wahlen fir d'Posten am Verwaltungsrot

Virun dese Wahlen erklärt de Sekretär der GV wéi de Komitee sech elo de Moment zesummesetzt:

President :	Marianne DEGREGORI
Vize-president :	Susy ROHLA
Sekretär :	Claude GLESENER
Keessier :	Patrick DIAS
Memberen :	Roby BARNICH Christian BLOCK Martina HAAK Josiane HEINISCH Martine KLEIN Georgette KOLTEN Yvette LAHME Marc MOLLING

Folgend Memberen sinn nach vir ee Joer gewielt:

- Roby BARNICH
- Christian BLOCK
- Patrick DIAS
- Claude GLESENER
- Josiane HEINISCH
- Martine KLEIN
- Georgette KOLTEN
- Yvette LAHME
- Marc MOLLING
- Susy ROHLA-WEIS

Folgend Memberen sinn austriedent a stellen erëm eng Kandidatur:

- Marianne DEGREGORI
- Martina HAAK

Folgend Memberen hunn demissionéiert.

- Josiane HEINISCH
- Roby BARNICH

Et ass eng nei Kandidatur do:

- Raju PANT

Well de Maximum vun de Memberen am Komitee net erreicht ass (15), ass eng Wahl net erfuerdert. D'Kandidate gi per Aklamatioun confirméiert.

10. Wahlen vun den Keesserevisoren

D'Kandidate fir dës Poste sinn:

- M. Robert HEINISCH,
- M. Lé KLEIN,
- M. Joachim BLOCK

D'Kandidate gi per Aklamatioun confirméiert.

Deen neie Verwaltungsrat zitt sech elo zeréck fir d'Chargen am Verwaltungsrat ze verdeelen. An dëser Paus offrëiert d'Musek ee Glas an eng Agape.

No dëser Paus informéiert d'Presidentin Generalversammlung iwwert Verdeele vun deenen eenzelne Posten am Verwaltungsrot:

President : Marianne DEGREGORI
 Vize-President : Susy ROHLA
 Sekretär : Claude GLESENER
 Sekretär adj. : Christian BLOCK
 Keessier : Patrick DIAS
 Keessier adj. : Marc MOLLING
 Memberen : Martina HAAK
 Martine KLEIN
 Georgette KOLTEN
 Yvette LAHME
 Raju PANT

Éirepresident: Pit LEONARD
 Éirekeessier: Denise REDINGER
 Dirigent: BLOCK Christian
 Sous-chef: Patrick DIAS

Responsabel fir d'Musekschoul a Verrieder bei der USMVL: Marianne DEGREGORI an Susy ROHLA-WEIS.

11. Festleeën vun den Beiträg fir d'Joer 2013

Fir d'Joer 2012 waren Beiträg fir d'Memberen an der leschter Generalversammlung op 8 € festgeluecht ginn. Fir d'Joer 2013 proposéiert de Komitee dës Beiträg op 8 € ze loossen. D'Versammlung stëmmt dëser Propose zou.

12. Presentatioun vum Programm fir d'Joer 2012

Den Sekretär presentéiert der GV de Programm fir d'Joer 2012.

13. Presentation vum Budget fir d'Joer 2012

De Keessier presentéiert de Budget fir d'Joer 2012. Hien informéiert d'Generalversammlung iwwert d'Recetten an d'Ausgabe fir d'Joer 2012. Dëse Budget weist een Defizit vun 1.695 € aus.

14. Fräi Aussprooch

Madame Conseiller Martine Mergen ergräift d'Wuert a felicitéiert eis fir dee formidablen Asaatz deen eis Museker an Memberen aus dem VR leeschten. Wann ee Problem mat dem Subside fir dee neie Bass sollt opkommen ass si gär bereet eis ze hëllefen.

Den Nico Wennmacher ergräift d'Wuert souwuel als Member vun der Musek wéi och als Vizepresident vum Interesseveräin. Hien entschëllegt de François Dahm an d'Jaquie Lakaff, a felicitéiert der Musek fir all déi Aarbecht déi geleescht ginn ass. Hien wënscht eis dass mir nach weider Museker bäikréien a wënscht nach vill Succès fir d'Zukunft.

De René Roeder als Verrieder vun der Œuvres Paroissiales schléisst sech de Wieder vum Nico Wennmacher un an erënnert drun dass eis Musek kulturell net méi aus dem Quartier ewech ze denken ass.

Zum Ofschluss ergräift dann nach eisen Dirigent Christian Block d'Wuert fir de Museker an de Memberen aus dem VR Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi am Joer 2012 schonn 10 Joer dauert, an hofft dass et nach esou gutt weider geet.

Déi 52. Generalversammlung gëtt ëm 21.30 Auer zou gemaach.



DEEN AKTUELLE VERWALTUNGSROT

	Presidentin (Responsabel fir Museksschoul)	Marianne DEGREGORI	1, rue W.A. Mozart L - 2166 Luxembourg GSM : 621 21 94 97 Email: degregm@hotmail.com
	Vice – presidentin (Responsabel fir Museksschoul)	Suzette ROHLA	76, Cité Beaulieu L – 3383 Noertzange GSM : 621 14 42 31 Email : rohla@pt.lu
	Sekretär	Claude GLESENER	1, rue W.A. Mozart L – 2166 Luxembourg GSM : 621 23 20 66 Emails : harmoniegasperich@yahoo.de
	Sekretär adj.	Christian BLOCK	Pfarrer-Oden-Strasse 4 D – 54343 Föhren GSM : 691 57 10 75 Email: christian.block@gmx.net
	Keessier	Patrick DIAS	25, rue de Steinsel L – 7295 Hunsdorf GSM : 691 25 05 77 Email: degregm@hotmail.com
	Member	Martina HAAK	39, rue Gluck L – 1632 Luxembourg GSM : 621 41 39 80 Email: haak@pt.lu
	Member	Martine KLEIN	3, Am Bongert L – 1270 Luxembourg GSM : 621 77 44 92 Email: martine4@pt.lu
	Member	Georgette KOLTEN	42, rue Antoine Meyer L – 2153 Luxembourg GSM : 661 66 07 12 Email : georgette.welschbillig@gmail.com
	Member	Raju PANT	11, rue G. Rossini L – 2451 LUXEMBOURG GSM : 691 30 02 48 Email: rajupant2000@hotmail.com

	Chef d'Orchestre	Christian BLOCK	Am Laf vum Joer ass eis Musek musikalesch vun eisem Chef Christian Block geleet ginn. D'Musikante soen him op dëser PlaatZ villmools Merci fir säin Asaz an seng Gedold.
	Sous-Chef	Patrick DIAS	Dem Patrick och ee grouse Merci fir seng Aarbecht op dësem Posten.
	Keesserevisor	Robert HEINISCH	
	Keesserevisor	Léon KLEIN	Och hinnen ee grouse Merci fir déi schwéier Aarbecht vun der Keesserevisioun.
	Keesserevisor	Joachim BLOCK	

ACTIVITÉITSBERICHT VUM SEKRETÄR

Eise Sekretär, Claude Glesener, presentéiert den Aktivitéitsbericht vum Joer 2012.

Den **09.01.2012** hu mir un der **Generalversammlung** vun der **USMVL** zu Märel deelgeholl. Eis Presidentin ass och weiderhin Vize-Presidentin vun der USMVL.



Den **11.01.2012** hu mir un der GV vun der **Lidderuucht Lëtzebuerg** deelgeholl.

Den **25.01.2012** war eis **52. Generalversammlung** hei am Musekssall.

Den **29.01.2012** ass eis Musek duerch eng Delegatioun um **149. UGDA-KONGRESS** am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden.

Den **13.02.2012** si mir an **Generalversammlung** vum **Interesseveräi Gaasperech** vertrueden.

Den **27.02.2012** ass déi monatlech Versammlung vun der **Union des Sociétés de Musique de la Ville de Luxembourg (USMVL)** bei eis zu Gaasperech am Muskssall.

Den **11.03.2012** gëtt den **Fréijorsconcert** vun der **USMVL** am **Conservatoire** organiséiert, dat am Kader vun enger grousser **Schülerauditioun** wou méi wéi 270 Schüler aus allen Stater Musekschoulen drun deelhuefen. Eis Harmonie spillt hei ee **Concert** deen ganz gutt bei de Leit ukomm ass, an de groussen Auditoire war voll besaat.



Den **25.03.2012** huet eng Delegatioun vun eiser Musek un der **Generalversammlung** vun der **Mutuelle** vun der **UGDA** um Cents deelgeholl.

Den **14.04.2012** war an der Sportshal zu Gaasperech eise **Gala 2012** ënnert dem Motto **"CLASSIC MEETS WESTERN"**. Dese Concert hat an sech zwee Themen, den 1. Deel war méi klassech an am 2. Deel ass war dann Musek aus dem wëllen Westen um Programm.



Duerch de Programm huet 2012 och ërem d'Paule Rodesch gefouert. Wéi üblech ass och erëm eng Brochure verëffentlecht ginn an et ass eng Doubel CD vum Concert opgeholl ginn déi och no der Generalversammlung ze verkafen ass fir de Preis vu 10 €.

Desweideren ass de Christian Block, fir 10 Joer Dirigent vun eiser Harmonie geéiert ginn.



Op enger grousser Leinwand war eng Power Point Presentatioun vum vum Martine an Jemp Oehmen ze gesinn. Hinnen nach eng Kéier ee grouse Merci.



MERCI

De Komitee seet allen Matwierkenden nach eng Kéier een hærzleche Merci fir hier Hëllef an matschaffen.

Een GROUSSE MERCI un d'Equipe vum Service, der Kichen a vum Comptoire



GENERALVERSAMMLUNG 23.01.2013

Den **20.04.2012** huelen mir Deel un der **ChèqueIwwereechung** vun de Recetten vum Chrëschtmaart duerch d'Amicale vun den Scouten.



Den **22.04.2012** war **1. Kommunioun zu Gaasperech**. Eis Musek huet d'Kommiounskanner mat engem Cortège an d'Kierch begleet.

Den **01.05.2012** hu mir erëm eis traditionell Mäikränz gemaach. Géint 8 Auer moies wor Rendez-vous am Bësch op der Kockelscheier.



Ëm 10 Auer sinn dunn d'Maikränz zu Gaasperech verdeelt ginn.



Den **13.05.2012** hu mir un der **Schlusspréssessioun** fir d'Oktav deelgeholl. Wéi schon dat lëschte Joer sinn och dëst Joer méi Museken déi zesumme gaangen, d'Harmonie Municipale Luxembourg & Limpertsberg, d'Fanfare des Faubourgs, d'Harmonie Municipale Luxembourg-Hamm an eis Harmonie.

Den **19.05.2012** war den **ING-Marathon**. Mir hunn zesumme mat der Stad a Lampertsbierger Musek an der Ermesinde-Strooss ee Concert gespillt.

Den **02.06.2012** war Kiremessamschdeg zu Gaasperech a mir hunn dee ganzen Dag **Hämmelsmarsch** gespillt.

Sonndes den **03.06.2012** war dann d'Kolonie mam **Hämmelsmarsch** un der Rei. Leider konnte mir den Tour net ganz fäerdeg maachen well et ze vill gereent huet.



Den **09.06.2012** hate mir dann emol erëm eng **Hochzäit** an eiser Musek, **d'Martine Klein** ass mam **Jemp Oehmen** bestuet ginn an dat zu Zéisseng an der Kierch. Hei hu mir während der Masse e klengen Concert gespillt an duerno nach virun der Kierch. Dat Ganzt zesummen mat der Stad a Lampertsbierger Musek.





Den **13.06.2012** hunn mir mit **Concert** op der **Place d'Armes** gespilt.

Den **16.06.2012** waren mir invitéiert op **d'Hochzeitsfeier** vum **Martine** an **Jemp** déi am Porheem stattfonnt huet. Mir konnten een schéinen Owend mat deem jonke Puer verbréngen.



Den **22.06.2012**, um Virowend vum **Nationalfeierdag**, hunn mir zesummen mat der Stad a Lampertsbierger Musek ee Concert op der Place d'Armes gespilt.

Den **02.07.2012** war eng **Versammlung am Conservatoire** fir déi Responsabel vum der Musekschoul. Et ass hei ëm d'Aschreiwunge fir dat nächste Joer gang.

Op Invitatioun vum der Amicale vum de Scoute spille mir den **07.07.2012** een Concert um Stroossefest an der **Columbusstrooss**.



Den **08.07.2012** ginn mir een **Concert** zu **Iewerleng** an dat op Invitatioun vum der **Iewerlenger Musik**.



De **11.07.2012** hate mir zu Gaasperech an eisem Museksall d'**Aschreiwunge** vum Conservatoire fir d'**Musekschoul**.

Mir haten elo 6 Wochen Vakanz.

Den **01.09.2012** geet et da schon erëm weider. Mir ginn den **Hämmelsmarsch** zu Gaasperech fir d'**Fouer** spillen.

Deen Dag duerno, den **02.09.2012** ass et dunn weider gang mam **Hämmelsmarsch** fir d'**Fouer**.



GENERALVERSAMMLUNG 23.01.2013

Den **14., 15. an 16.09.2012** hunn mir een **Ausflug** an den **Europapark** op Rust gemaach. D'Musek huet een Deel vun de Käschten iwverholl.



Den **05.10.2012** war **Pappendagsbal** an der Brasserie Colomb zu Gaasperech.



Sonndes den **07.10.2012** huet eng Delegatioun vun eiser Musek an der Mass a beim Dépôt vun der Gerbe beim Monument fir d'**Journée Commémorative** deelgeholl.

Den **10.11.2012** hunn mir **Cécilien-Dag** gefeiert, dëst mat engem Concert an der Gaasperecher Kierch, während der Owesmass. Duerno huet d'Musek een Iessen am Musekssall offréiert.

Donneschdes den **06.12.2012** sinn mir mam **Kleesche** bei d'**Amiperas** zu Gaasperech gaangen.

Am Nomëtteg vum **08.12.2012** hunn mir **Chrëschtlieder** um **Adventsmaart** op der der Paräiser Plaatz gespilt. Et war dëst ee Concert am Kader vum Winterlights 2012.



Duerno sinn mir op **Gaasperech** gefuer an hunn ëm 17.00 Auer ee **Concert** um **Chrëschtmaart** am Porhéem gespilt.



Den **13.12.2012** hunn mir un der **Regionalversammlung** vun der **UGDA** zu Mamer deelgeholl.



Den **15.12.2012** war eisen Chrëschtconcert am Home St. Joseph zu Gaasperech. Hei hate mir déi Iewerlenger Musik in-vitéiert een Austausch-Concert ze spillen an am 2. Deel

vum Owend huet eis Harmonie Chrëscht-Musek gespilt. Et war ee gelungenen Owend.



Am Laf vum Joer hat eis Musek 38 Prouwen an 1 Proufnomëtteg. Mir hate 19 Sortien: 12 Concerten an 7 aner Sortien. De Komitee ass a 14 Sëtzungen zesumme komm.

Eng Delegatioun vun eiser Musek huet regelméisseg un de monatleche Sëtzunge vun der Union des Sociétés de Musique vun der Stad Lëtzebuerg deelgeholl (7 mol).

Mir hunn och deelgeholl um Kongress an un der Regionalversammlung vun der UGDA an un der Generalversammlung vun der Mutuelle vun der UGDA.

Mir waren och duerch eng Delegatioun bei verschiddene Versammlungen zu Gaasperech an 3 Mol am Conservatoire (Musekschoul) vertrueden.

Desweideren hate mir een Ausflug vun 3 Deeg op Rust an den Europapark gemaach wou d'Musek een Deel beigeluecht huet.

Präsenzen vun den Musiker:

(Proufen an Sortien)

	2012	2011
1. Claude GLESENER	91,23 %	86 %
2. Martine KLEIN	87,72 %	88 %
3. Léon KLEIN	85,96 %	92 %
4. Patrick DIAS	77,19 %	88 %
Daniel WAHL	77,19 %	88 %
Angus LORD	77,19 %	80 %
7. Raju PANT	71,93 %	46 %
Luss PAULY	71,93 %	46 %
9. Martina HAAK	66,67 %	64 %
10. Tobias BLOCK	64,91 %	58 %
Marcel THIRY	64,91 %	83 %
12. Monique KLEIN	61,40 %	88 %
Pierre LANGEHEGERMANN	61,40 %	66 %
14. Robert BARNICH	59,65 %	46 %
15. Maya MUSCAT	56,14 %	
16. Christine JAKOBS	54,39 %	
17. André HEVER	52,63 %	44 %
Laurent SCHMIT	52,63 %	44 %
19. Sam MILLS	47,37 %	
20. Joachim BLOCK	38,60 %	22 %
21. Paul KRUMMES	35,09 %	
Solange REDONDO	35,09 %	26 %
23. Bruno TEREBA	33,33 %	26 %
24. Viviane SPILMAN	31,58 %	30 %
25. Claude NICKELS	26,32 %	36 %
26. Paule RODESCH	19,30 %	24 %
27. Eugène KOLTEN	8,77 %	54 %

Am Laaf vum Joer sinn 3 nei Museker an eis Musek komm, déi awer net an dëser Lëscht berücksichtegt gi sinn. Et sinn dat Zuzana BUJNOVA (Flute), d'Camille DUMAS (Flute) an d'Anne MULLER (Bugle).

AKTIVITÉITSBERICHT MUSEKSCHOUL

Verantwortlech fir eis Musekschoul sinn d'Marianne Degregori an d'Susy Rohla. D'Marianne hunn ee Bericht iwwert Musekschoul gemaach. Dës Coursë sinn jo vum Conservatoire organiséiert. D'Marianne Degregori presentéiert de Bericht.

Wéi all Joër mache mir d'Aschreiwungen fir d'Schüler aus dem Gaasperecher Quartier a Koordinatioun vum Conservatoire. D'Mattdeeling vum Datum vun den Aschreiwungen gët a Form vu Flyerën gemaach, déi an d'Bréiwboiten hei zu Gaasperech verdeelt ginn. Mir hunn leider keng Erlaabnis fir eis Flyerën un d'Schüler an der Primairschoul ze verdeelen, waat fir eis d'Sach erliichtere géiw.

Op de Löschten, déi mir vum Conservatoire kritt hunn, fir d'Saison 2012/2013, sinn **11** Schüler am ganzen aus dem Gaasperecher Quartier am Solfège agedroën, esou wéi och schonn deelweis an den Instrumentecoursen.

Dovunner:

Am **Solfège Préparatoire**, dat sinn nei Aschreiwungen vu Schüler am Alter vu 7 Joer, do sinn et sechs (6) Schüler, dës Kuren ginn hei Denchdes zu Gaasperech am Museksall ofgehaalen zesumme mat de Schüler aus dem Quartier Hollerech a Märel-Belair.

Am **1. Joer Solfège avancé**, ass eng (1) Schülerin am Cours zu Hollërech. Dës Schülerin versicht sai Glëck am Guitarscours.

Am **2. Joer Solfège** hu mer drei (3) Schüler, zwee (2) sinn hei zu Gaasperech am Cours, an een (1) geet an de Conservatoire. Déi zwee (2) Schüler vu Gaasperech sinn awer och an den Instrumentecoursen, an zwar op der Trompette an um Accordéon.

Am **3. Joer Solfège** ass eng (1) Schülerin hei aus dem Quartier, si ass och nach am Instrumentecours um Saxophone.

Fir d'Saison 2012-2013 konnte mir awer eng Trompette un ee Schüler verlounen. Wéi ech vun Chargé Pawel Nakhimovitch héieren hunn ass de Schüler nach ewell ganz motivéiert. Emol ofwarden.

Délégiert vun eiser Musek bei der Union des Sociétés de Musique vun der Stad Lëtzebuerg sinn d'Marianne an d'Susy. D'Marianne ass och Vize-Presidentin vun der USMVL. 2012 waren siewen (7) Réuniounen wou och deelweis de Coordinateur, aus dem Conservatoire, de Cosimo Colaci derbäi war, fir d'Zesummenaarbecht mat de Quartiersmuseken ze koordinéieren.



GENERALVERSAMMLUNG 23.01.2013

D'Presidentin an de Sekretär hunn am Januar un engem Workshop am Conservatoire deel geholl, wou versicht ginn ass eng Léisung ze fannen wéi een de Kanner d'Musek schmackhaft ka maachen, a virun allem, dass si an de Museksensembel aus hirem Quartier kommen sollen.

Den 11. Maerz 2012 war am Conservatoire a Coopératioun mam Direktor Marc Meyers de Galaconcert vun der USMVL organiséiert ginn, mat enger "Audition d'élèves" vun de Musekschoulen aus de Staater Quartiers. Hei stongen ca 250 Schüler op der Bühn. Als Museksensembel war et d'Gaasperecher Musek déi deelweis d'Begleedung gemacht huet an och een Concert gespillt huet.

Wéi all Joer waren d'Susy an d'Marianne am Juli an eng Réunion an de Conservatoire fir d'Formaliteiten vun den Inscriptiounen vun der Musekschoul.

Eisen Dirigent haat fir eise Galaconcert 2012 all d'Schüler aus der Musekschoul, mat separatem Courrier an fraïem Entrée, invitéiert a waert dat fir 2013 och erëm machen.

Déi Schüler déi schon een Instrument spillen ginn och erëm fir 2013 ugeschriwwen fir mam Haemmelsmarsch matzegoën.

Mir loossen eis dann emol, wéi all Joer, iwwerraschen a mir ginn awer d'Hoffnung nach ëmmer net op fir an nächster Zukunft mol een oder deen anere Schüler aus eisem Quartier bei eis am Ensemble opzehuelen.

FINANZBERICHT VUM KEESSIER

Eise Keessier, de Patrick Dias, presentéiert de Bericht vun eisen Einnamen an Ausgaben am Joer 2012.

Wéi schon am Budget fir d'Joer 2012 an der leschter Generalversammlung annoncéiert gouf hate mir programméiert ee Malus vun 1.695 € ze maachen. Wéi et elo mat der Keess ausgang ass héiert dir am Rapport vum Keessier.

BERICHT VUN DE KEESSEREVISOREN

Elo ass et un de Keesserevisoren, Roby Heinisch, Joachim Block an Lé Klein, fir der Generalversammlung matzedeelen op d'Keese richteg gefouert gi sinn an op keng Anomalitéite festgestallt gi sinn.

NEIWAHLEN FIR DE VERWALTUNGSROT

Hei nach eng Kéier d'Zesummesetzung vum Verwaltungsrot, wéi en de Moment besteet:

President :	Marianne DEGREGORI
Vice-president :	Susy ROHLA
Sekretär:	Claude GLESENER
Sekretär adj.	Christian BLOCK
Keessier :	Patrick DIAS
Memberen :	Martina Haak

Martine KLEIN
Georgette KOLTEN
Raju PANT

Folgend Memberen sinn nach fir 1 Joer gewielt :

- Marianne DEGREGORI
- Martina HAAK
- Raju PANT

Folgend Memberen sinn austriédent:

- Susy ROHLA
- Martine KLEIN
- Georgette KOLTEN
- Claude GLESENER
- Christian BLOCK
- Patrick DIAS

Folgend Memberen stellen erëm hier Kandidatur:

- Martine KLEIN
- Claude GLESENER
- Christian BLOCK
- Patrick DIAS

Am Laaf vum Joer hunn d'Yvette LAHME an den Marc MOLLING demissionéiert.

NEIWAHLEN VUN DE KEESSEREVISOREN

Eis Keesserevisore ware bis elo de Robert Heinisch, de Lé KLEIN an de Joachim BLOCK. Stellen di dräi Keesserevisoren hier Kandidatur erëm?

Op dëser Plaatz gëtt d'Versammlung eng Kéier kuerz ënnerbrach an de Verwaltungsrot zitt sech zeréck fir déi verschidde Posten ze verdeelen. Dir sidd alleguer invitéiert ee Patt op d'Musek ze drénken an ee klengen Häppchen ze iessen.

BEITRÄG FIR MEMBEREN 2014

An dësem Punkt vum Ordre du Jour ginn d'Membersbeitrэг vir d'Joer 2014 vun der Generalversammlung festgeluecht. De VR propo-séiert dës Beitrэг op 8 € ze loossen.

PRESENTATIOUN VUM PROGRAMM FIR D'JOER 2013.

De Sekretär presentéiert de Programm fir d'Joer 2013. Dir fannt dës Presentatioun op der Säit 17.

PRESENTATIOUN VUM BUDGET FIR D'JOER 2013.

De Keessier presentéiert de Budget fir d'Joer 2013.

FRÄI AUSSPROOCH.


Et ass elo un den Invitéen an un de Membere fir d'Wuert ze ergräifen.




PROGRAMME VUM JOER 2013

DATE	HEURE/ TIME	MANIFESTATION/ EVENT	ORGANISATEUR/ ORGANIZER	LIEU/ LOCALISATION	OBSERVATIONS
05.04.2013	19.30 07 :30 p.m.	GENERALPROUF GALA 2012/MAIN REHEARSAL	HMLG	Sportshal Omnisports hall	
06.04.2013	20.00 08 :00 p.m.	GALA 2013 HMLG MEETS BRITISH ISLES	HMLG	Sportshal Omnisports hall	
14.04.2013	10.15 10.15 a.m.	CORTEGE 1. COMMUNION GASPERICH /CORTEGE- PROCESSION	PAROISSE	Rue Verdi	
01.05.2013	08.00 08.00 a.m.	MAIKRANZ/ MAI BUNCH	HMLG	Quartier Gaasperech	We meet at "Kockelscheuer" drink coffee or tea, eat!! and have fun, details to follow in due course
05.05.2013	15.00 03.00 p.m.	SCHLUSSPROZESSION OCTAVE/ CORTEGE- PROCESSION	USMVL	Uewestad Upper Town	
25.05.2013	09.30 09.30 a.m.	HÄMMELSMARSCH GAASPERECKER KIRMES/ FUN FAIR IN GASPERICH CORTEGE	HMLG	Quartier Gaasperech	R.d.v. Musekssall/we meet at the rehearsal hall
26.05.2013	10.00 10.00 a.m.	HÄMMELSMARSCH GAASPERECKER KIRMES/ FUN FAIR IN GASPERICH CORTEGE	HMLG	Quartier Gaasperech	R.d.v. Apdikt/we meet at the place Tony Bourg near the "Pharmacie"
31.05.2013	20.00 08.00 p.m.	CONCERT UM SCHLASS ZU FÖHREN/ CONCERT CASTLE FÖHREN (GERMANY)	MUSIKVEREIN FÖHREN	Schlass Föhren/Castle Föhren	Detailer kommen nach/details to follow
05.06.2013	20.30 08.30 p.m.	CONCERT PLACE D'ARMES	LCTO	Place d'Armes	
08.06.2013	18.00 06.00 p.m.	ING MARATHON	STEP BY STEP	place à décider/ location not yet known	Detailer kommen nach/details to follow
22.06.2013		FAAKELZUCH NATIONALFEIERDAG Cortège in the eve of the celebration for the Luxembourg National Day	VDL via USMVL	Uewestad Upper Town	Detailer kommen nach/details to follow
13.07.2013	12.00 12:00 p.m.	CONCERT STROOSSEFEST RUE COLOMB/ CONCERT at the famous yearly party "COLUMBUS"	LGS Groupe Everling, Gasperich (SCOUTS)	Rue Ch. Colomb	
14.07.2013	12.00 12:00 p.m.	CONCERT ZU OBERCORN/ CONCERT IN OBERCORN	FC LUNA OBERCORN	Terrain Luna Obercorn	
23.08.2013 bis/until 28.08.2013		CONCERTSREESS OP KLÄDEN (D) CONCERT TOUR (G)	HMLG	Détailler kommen no/ details to follow	Détailler kommen no/ details to follow
31.08.2013	09.30 09.30 a.m.	HÄMMELSMARSCH FOUER/ FUN FAIR IN LUXEMBOURG CORTEGE	HMLG	Quartier Gaasperech	R.d.v. Musekssall/we meet at the rehearsal hall
01.09.2013	10.00 10.00 a.m.	HÄMMELSMARSCH FOUER/ FUN FAIR IN LUXEMBOURG CORTEGE	HMLG	Quartier Gaasperech	R.d.v. Apdikt/we meet at the place Tony Bourg near the "Pharmacie"
16.11.2013	18.00 06:00 p.m.	CECILIE-CONCERT/ CONCERT for St Cecilia's Day (the Patroness of musicians and church singers)	HMLG	Kierch/ Church Gasperich	Iessen am Musekssall Diner to celebrate this day, (with Family &Friends) details to follow separately
??.12.2013	????	CONCERT UM CHRESCHTMAART/CONCERT at the occasion of "WINTERLIGHTS2011" org. LCTO/VDL	LCTO	Place d'Armes	Détailler kommen no/ details to follow
07.12.2013	17.00 05:00 p.m.	CONCERT UM CHRESCHTMAART/ CHRISTMAS CONCERT	AMICALE SCOUTS GASPERICH	Home St. Joseph	
14.12.2013	20.00	CHRESCHT CONCERT CHRISTMAS CONCERT	HMLG	Home St. Joseph Gasperich	
22.01.2014	19.30 07.30 p.m.	GENERALVERSAMMLUNG/ General Assembly	HMLG	Musekssall Rehearsal hall	

Dir kënt nach gär ee Buch vum 50. Anniversaire oder eng CD vum lëschte Gala Concert no der Generalversammlung kafen, dat bei eisem Kessier Patrick DIAS.



Präis : 50 €



Präis : 10 €